Dépôt : Fred Keup

1

Lëtzebuerg, de 5. Mäerz 2026

Interpellat° - Baisse de la natalité

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- Lëtzebuerg an de leschte Joerzéngten e kontinuéierleche Réckgang vun de Gebuertenzuelen erlieft;
- Lëtzebuerg am Duerchschnëtt ee vun den niddregste Gesamt-Fertilitéitstauxen (Total Fertility Rate) an der EU huet;

ass sech bewosst, datt

- d'Zuel vum Gesamt-Fertilitéitstaux bei 1,25 Kanner pro Fra läit, wat däitlech ënnert deem néidegen Niveau vun 2,1 Kanner pro Fra läit;
- de Réckgang vun de Gebuerten zu enger Alterung vun der Bevëlkerung an zu enger Rei vun Erausfuerderungen op ënnerschiddlechen Niveaue féiert;
- d'Sonderbeoptraagt vun der OSZE fir demographesche Wandel a Sécherheet an engem Bericht vum 21.2.2025 d'Parlamenter vun de Memberlänner ureegt, den demographesche Wandel eescht ze huelen an déi bescht Léisungen an dëser Kris ze fannen;

fuerdert d'Regierung op,

- d'Grënn an d'Follge vum kontinuéierleche Réckgang vun de Gebuertenzuelen zu Lëtzebuerg ze ënnersichen, mam Zil, Recommandatiounen a Moossname fir d'Fërderen an d'Erhéije vun de Gebuertenzuele virzeleeën;
- der Chamber an deem Sënn en Tëschebericht bis Ufank 2027 esouwéi en ofschléissende Bericht bis Enn 2027 ze presentéieren;

- an dëser Ënnersichung follgend Punkten ze behandelen:

    a. eng Analys vun den demographeschen Trends an de warscheinleche Grënn fir de Réckgang vun de Gebuertenzuelen;
    b. eng Bewäertung vun den Auswierkungen op den Aarbechtsmaart, de Sozialmodell, d'sozial Strukturen, déi zukünfteg Nohaltegkeet vum ëffentleche Secteur an d'Gesellschaft am Allgemengen;
    c. eng Evaluatioun vun der bestoender Politik an de Beräicher Famill, Kannerbetreiung, Elterecongé an anere Moossnamen, déi d'Entscheedungen iwwer d'Familljebildung an d'Zuel vun de Gebuerte beaflosse kënnen;
    d. eng Presentatioun vu politesche Moossnamen, fir méi héich Gebuertenzuelen ze förderen.

Fred Keup